De Gemengesyndikat Sispolo engagéiert ab dem 01.01.2022 fir d'Ekipp vun der Gestioun vum "Centre écologique" um Site vum "Parc Housen" :

een Employé administratif (m/w)

(contrat à durée indéterminée)

Tâche : 100%
Statut : "Salarié à tâche intellectuelle"

Zu Ären Aufgabe gehéieren :

- ➔ Verwaltungsaarbecht (Reservatiounen, Comptabilitéit, Telefonszentral, Schaffpläng….)
- ➔ Redigéiere vu Rapporten a Participatioun un Teamsitzungen
- ➔ Kichebetrib (Bestellungen, Stock,….)
- ➔ Jugendherberg (Reservatiounen, Virbereede vun den Zëmmeren, Empfang vun de Gruppen,…)
- ➔ Restaurant (Virbereede vun den Dëscher, Buffet,…)
- ➔ Aktiv Vir- a Nobereedunge vu Veranstaltungen, Formatiounen an Iwwernuechtungen
- ➔ Marketingaarbecht
- ➔ Gestioun vun enger Homepage an enger Presence an de soziale Medien

Profil :

- ➔ De Kandidat muss am Besëtz vun engem Diplom "fin d'études secondaires" oder "secondaire technique, division administrative et commerciale" oder "hôtelière" sinn :
  Gëtt als Avantage consideréiert :
  - Beruffserfarung an der Hotels- oder Touristebranche
- ➔ D'Kenntnis vun der lëtzebuergescher, däitscher, franséischer an englescher Sprooch ass obligatoresch (geschriwwen + geschwat).
- ➔ De Kandidat muss informatesch Grondkenntnisser hunn an der Informatik (Office,....), souwéi verschidden aner spezifesch Programmer (Reservatiounen, Comptabilitéit, ...) beherrschen
- ➔ All Kandidat muss am Besëtz vun engem gültege Führerschäin (cat.B) sënn.

Aarbechtskonditiounen:

- ➔ onreegelméisseg Aarbechtszäiten, sonndes an och wärend de Feierdeeg schaffen

Mir bidden lech :

- ➔ Eng Remuneratioun nom Groupe d'indemnité B1, sous-groupe administratif vun de Gemengen-employéeen *(gemäss Règlement grand-ducal vum 28.07.2017)*
- ➔ En 13. Mount an eng Iessenszoulag
- ➔ Eng ofwiesslungsräich Aarbecht
- ➔ Eng grouss Autonomie beim Schaffen
- ➔ Eng flott Aarbechtsatmosphär op engem ländleche Site

D'Kandidature mat enger Foto, Kopien vun den Diplomer, souwéi engem Curriculum vitae musse bis spéitstens den **30. November 2021** u folgend Adress :

SISPOLO
B.P. 6
L-9801 Hosingen,

geschéckt ginn.

Housen, den **13. November 2021**

De Bureau vum SISPOLO,

Romain WESTER, Nico JACOBS, Joseph DEGRAND